GEMENG manternach

GEMENG BECH

# SCHOULBUET



2017-2018

Renert Berbuerg

Ecole Fondamentale Rénert

# Sommaire


Virwuert vum President vum SYNECOSPORT M. Camille Kohn 1-2

Virwuert vum President vum Schoulkomitee M. Gilles Irthum 3-4

Virwuert vum Schoulinspekter Mme Monique Melchers 5-6

Eltere-Vertrieder 7-8

Elvere 9-11

Maison Relais Rénert 12-13

Schoulvakanzen 14

Schoultransport 15-19

Schoulstruktur vun der Ecole Fondamentale Rénert 20-21

Schoulorganisatioun 2017/2018 22-34

Klassefotoen Cyclen 1 - 4 35-41

Cycle 1 42-47

Cycle 2.1 48-49

Cycle 2.2 50-51

Cycle 3.1 52-53

Cycle 3.2 54-55

Cycle 4.1 56-58

Cycle 4.2 59-60

Schouljoer 2016/2017 61-69
1. Schoulsportdag , 2. Schoulbusbegleeder, 3. Rénert Goes Art,
4. Projet Gewalt- an Drogepréventioun, 5. Coupe Scolaire, 6. Schoulfest

Bibliothéik 70-71

LASEP 72-73





Editioun: Schoulsyndikat SYNECOSPORT

Fotoen: Ed. Frières, Corps enseignant

Drock: Imprimerie de l'Est, Echternach

ES PRINTED IN LUXEMBOURG

Léif Elteren,
Léif Biergerinnen a Bierger aus de Gemenge Bech a Manternach,
Léif Schoulkanner,



Wann de Schoulbuet an de Gemenge Bech a Manternach verdeelt gëtt, geet déi schéi laang Summervakanz sou lues op en Ënn, an d'Virbereedungen fir d'Schouljoer 2017/2018 lafen op Héichtouren.

Zu Ënn geet och d 'Mandat vum aktuelle Comité vum Synecosport well no de Gemengewalen am Oktober dëst Joer ginn d'Posten vum interkommunalen Aarbechtsgrupp, deen d'Schoul, d'Fräizäit- an d'Sportsinfrastrukturen vun den zwou Gemenge Bech a Manternach betreit, nei besat.

De Réckbléck op déi lescht 6 Joer weist, dass ganz vill geschafft ginn ass. Duerch stänneg wuessend Schülerzuelen, wollten déi zwou Gemengen eng modern an zweckméisseg Infrastruktur um Campus Rénert derbäisetzen. Während den éischten dräi Joer ënner der Presidentschaft vu Manternach ass engersäits dat neit Schoulgebai geplangt ginn, mee virun allem ass mat vill Asaz no enger optimaler Plaz gesicht ginn fir dëse neie Komplex bauen ze kënnen.

Déi zweet Halschent vun deene 6 Joer huet d'Gemeng Bech d'Presidentschaft dunn iwwerholl an dat fäerdeg geplangten Gebai konnt an Ugrëff geholl ginn. Leider ass awer dat ambitiéist Ziel fir ab der Rentrée 2017 de ganze Schoulkomplex fäerdeg ze hunn net erreecht ginn. D'Schoulklasse vum Cycle 1 feieren hir Rentrée nach an de Gebaier vun hire verschiddenen Dierfer.

Dat neit Schoulgebai ass ee wichtege Projet fir Bech a Manternach an et ass keng Méi gescheit ginn fir modern an ëmweltfrëndlech zum Wuel vun de Kanner an dem Schoulpersonal ze bauen.

Ervir hiewen wëll ech och de neie "Sonnenschutz" vun der Maison Relais, deen net nëmmen fir en agréabelt Klima an den Säll vun dem Gebai suergt, mee och zousätzlech Spill- an Openthaltsraum schaaft. An och di reamenagéiert Spillplaz virun der Maison Relais gëtt secher mat vill Freed vun eise Klengsten ënnert de Schoulkanner genotzt.

Doniewent si natierlech eng Hällewull vun Reparatur- an Entretiensaarbechten gemaach ginn wéi, z. Bsp., e neie Belag um synthetesche Fussballsterrain, dee souwuel vun der Schoul wéi och vum FC Berdenia Berbuerg profitéiert gëtt.

Op Initiativ vun enger engagéierter Equipe vum Léierpersonal ass de Projet "Schoulbusbegleeder" an d'Liewen geruff ginn an, an enker Zesummenaarbecht mat der Police, de Busfirmen a mat der Ënnerstëtzung vum Synecosport ausgeschafft ginn. Sou hoffe mir, dass de Schülertransport an eise Gemenge méi agréabel a sécher gëtt.

Leider ass e gutt - an iwwert e laangen Zäitraum gesinn - séchert Verkéierskonzept vum Comité vum Synecosport mat 4 géint 3 Stëmmen net zréckbehale ginn. D'Argument war, dass d'Ëmsetze vum Konzept vun der Verkéiersberouegung um Campus Rénert ze deier gi wier an de Parking net sollt verännert gin. Eng demokratesch mee keng ganz glécklech Décisioun, well d'Sécherheet vun onse Kanner bei hirer Schoul iwwer all wirtschaftlech Iwwerleeung stoe misst! Nach ass Zäit an d'Méiglechkeet des Décisioun ze iwwerdenken.

Wat d'Zukunft ugeet bleift virun allem de Projet vun enger neier Spillplaz fir d'Cyclen 1 an 2 niewent dem neie Schoulgebai aktuell. Dësen Terrain läit an der Gréngzone an ass als IBA (Important Bird Area) Gebitt ausgewisen. Alles wat do also geschitt ass nëmmen zesumme mam Ëmweltministère ze realiséieren. Bis elo war all Kontakt zimlech produktiv a mir si ganz optimistesch, dass eng flott, naturno a pédagogesch wäertvoll Spillplaz do entstoe kann.

Nei a spannend Erausfuerderungen stinn an de nächste Joren un, zum Beispill, d'Digitaliséierung oder d'Uwendung vun de "social media" am Schoulprogramm. Dëst wäerten grouss Erausfuerderungen un d'Léierpersonal wéi och un d'Erzéier vun der Maison Relais matbréngen.

No dësem klengen Iwwerbléck bleift mir nach just am Numm vu mir an de Kolleginnen a Kollegen aus dem Synecosport eng Rei ganz häerzlech Mercien auszeschwätzen: dem Gilles Irthum an dem Léierpersonal, der Madame Diana Gliebe an der ganzer Équipe vun der Maison Relais déi all eng engagéiert a wäertvoll Aarbecht zum Wuel vun de Kanner déi hinnen uvertraut sinn leeschten. Eis Zesummenaarbecht an de leschte Jore war excellent an eis Diskussiounen lieweg, vertrauensvoll a konstruktiv.

E weidere grousse Merci geet un d'Schoulkommissioun, d'Eltere-Vertrieder an d'Elterevereenegung ELVERE fir hiert Engagement an hiren Interessi un eiser Schoul. Ouni hier fräiwëlleg Aarbecht géife vill Projeten net gemaach ginn.

Last but not least, verdéngt och den Här Edy Frières, de „gudde Geescht" vun der Schoul, eis Unerkennung fir déi vill geleeschten Aarbechtsstonnen.

E perséinleche Merci geet da nach un d' Kollegin an d' Kollegen aus dem Bureau vum Synecosport fir hier Ënnerstëtzung, hiert Vertrauen an hier Mataarbecht an deene leschten 3 Joer. Natierlech verdéngen och d'Memberen vum Comité e grousse Merci.

Léif Kanner, iech an Ären Elteren e flott, spannend an erfollegräicht Schouljoer 2017/18 um Campus Rénert.

Camille Kohn
President vum Synecosport
Buergermeeschter vun der Gemeng Bech

Léif Elteren, léif Leit, léif Kanner,



Wéi all Joer wëll ech fir d'éischt nees kuerz op dat vergaangent Schouljoer zréckkucken an eis gutt Resultater souwuel vum Rapport Ecole wéi och vun der Bewäertung vum Ofschloss vun eisem PRS (Plan de Réussite Scolaire) signaléieren, béid Appréciatiounen gi vu baussen vun der ADQS (Agence pour le Développement de la Qualité Scolaire) vum Script iwwert eis Schoul gemaach. D'Resultater vun eise Kanner an de Bilanen de fin de cycle leien an alle Beräicher däitlech iwwert der Moyenne, eis Kanner hunn sech des weideren am Franséischen weider verbessert an eisen Taux d'orientation nom Cycle 4.2 an den Enseignement secondaire läit erëm wäit iwwert der Landesmoyenne.

Mir konnten eisen PRS 2 mat vill Succès ofschléissen, mir hunn niewent eng interessanter Formatioun zum Sujet Förderpläng erëm eng Journée d'échange organiséiert a virun allem während dem ganzen Schouljoer schon un der Préparatioun vum PDS (Plan de développement de l'établissement scolaire), dem Nofolger vum PRS geschafft. Hei hu mir déi éischt Perspektiven souwuel vum Inspektorat wéi vum Menje fir gutt approuvéiert kritt, si gesinn haaptsächlech d'Weiderféierung vun den Differenzéierungsmesure vir, d'Aféierung vu neien méi eenheetlechen pédagogesche Mesuren a virun allem d'Zesummenaarbecht vun alle Cyclen (mam Cycle 1) op engem Site. Mir wëllen an eisem neien PDS des weideren déi nei Medien nach méi an eisem Unterrecht abannen, d'Acquisitioun vun I-Paden an den Ausbau vum Mathematic vum Cycle 4 op de Cycle 3 sinn éischt Schrëtt dofir. Am kommende Schouljoer wäerte mir virun allem no enger détailléierter Bestandsopnam mat alle Schoulpartner de neie PDS opstellen, dëst mat der Ennerstëtzung vun engem Instituteur spécialisé pour le développement scolaire (I-DS). Des weideren wëlle mir d'Adaptatioun vun eise Stonnepläng hei festschreiwen, kuerzfristeg wëlle mir d'Stonnepläng vun de Cyclen 1 an 2bis4 uneneen upassen, mee mëttelfristeg musse mir onbedéngt e Schoulhoraire aféieren, dien besser dem Fonctionnement vun de Familien entsprecht an pédagogesch méi sënnvoll ass. Duerch eng Adaptatioun vun der Dauer vun der Mëttespaus kéint een de Schoultransport reduzéieren a vereinfachen. En iwwerschaffte Stonneplang kéint sou augesinn, dass während all Wochendag déi selwecht Unzuel Schoulstonnen ugebuede ginn an dass direkt uschléissend un d'Schoulstonnen eng Hausaufgabenhëllef an/oder divers Fräizäitméiglechtkeeten, an Zesummenaarbecht mat der Maison relais an eise Veräiner, kéinten ugebuede ginn.

Mir hunn dëst Schouljoer eng ganz Rei Unterrechtsstonnen am Contingent bäikritt, engersäits well duerch d'Aféierung vum Vieso-Cours de Minister de Coefficient de base eropgesat huet an anerersäits well d'Kannerzuelen eropginn. Mir kënnen sou d'nächst Joer an all Cycle eng ganz Rei Unterrechtsstonnen notzen fir dringend noutwendeg Appuimoossnamen duerchzeféieren, well eis Klassen ginn an de leschten Joren ëmmer méi heterogen. Mir wollten an eiser Schoulorganisatioun keng gespléckte Klassen am Cycle 2 an de Niewefächer hunn, sou dass elo d'Effektiver am Cycle 2.2 ganz héich sinn, mee mir hoffen dësen Inconvéniant duerch de gezielten Appui kënnen opzefänken. Mir fueren d'nächst Joer och virun mat enger enker Collaboratioun am Cycle 1- Précoce, d'Kanner aus der Gemeng Bech a vu Berbuerg ginn weiderhin op Hemstel an de Précoce an d'Kanner aus der Gemeng Manternach besichen de Précoce zu Lelleg. Mir kënnen sou d'Iwwergangszäit optimal iwwerbrécken bis dat neit Gebai fir de Cycle 1 zu Berbuerg fäerdeg ass, en plus gëtt d'Zesummenaarbecht an eisem Cycle 1 nach weider gefestegt. Mir hunn des weideren am Kader vun der Aféierung vum PDS 2 Unterrechtsstonnen bäikritt, wouvunn mir eng Stonn notzen fir d'Zesummenaarbecht am Cycle 1 an déi zweet fir d'Informatik. Leider leeft de Projet vun der schulbaséierender psychologescher Betreiung vun der Mme Schmitt d'nächst Joer net weider, mir hoffen dass dës gutt a wäertvoll Aarbecht wéinstens zum Deel vun eisem neien I-EBS (Instituteur pour les enfants à besoins spécifiques) der Mme Steffi Schlechter weidergefouert ka ginn.

E grousse Succès hat de Projet vum Schoulbusbegleeder, dien virun allem d'Kanner aus dem Cycle 4 an de Busser responsabiliséiert an dien an enker Zesummenaarbecht mat der Police, dem Synecosport an de Busentreprisen konnt agefouert ginn. Mir sinn optimistesch no enger Testphase vun 3 Joer, dëse wichtegen Bäitrag zur Secherheet vun de Kanner an de Busser kënnen mëttelfristeg fest an eiser Schoul z'établéieren.

Ech wëll nach eemol dervun profitéieren fir d’Satisfaktioun vum ganzen Léierpersonal iwwer d’Réalisatioun vun dem neie Schoulgebai auszedrécken, mir sinn iwwerzeegt dass duerch dës nei Infrastrukturen nach ganz aner pédagogesch Méiglechkeeten entstinn am Cycle 1 an et och fir eis ganz Schoul e grousse Notzen ass wa mir spéitstens fir déi nächst Rentrée hei kënnen schaffen. Mir sinn allerdéngs enttäuscht, dass de Projet vun engem verbesserten Parking fir d’Elteren mat engem „Kiss and go“, mat enger Busgare, engem gespaarten Wee laanscht d’Schoul an ënner anerem engem Parking fir d’Léierpersonal leider keng eenheetlech Zoustëmmung fonnt huet an och elo net réaliséiert gëtt. Mir wëllen drop hiweisen, dass duerch déi massiv Croissance vun de Kanner (et kommen ab der nächster Rentrée méi wéi honnert Cycle 1-Kanner op de Site) d’Situatioun um Parking sech nach eemol dramatesch verschlechtert a virun allem ass d’Secherheet vun de Kanner leider net méi assuréiert. Hei maachen mir e ganz waarmen Appell sou séier wéi méiglech déi Décisioun nach eemol z’iwwerdenken an eng Léisung ze sichen déi der Secherheet vun eise Kanner gerecht gëtt.

Mir ginn während dem Joer als Corps enseignant ganz vill mat an d’Décisiounen vum Bureau vum Synecosport mat agebonnen, sou zum Beispill och bei den éischte Planungen fir eng Spillplaz fir de Cycle 1 am Bongert déi mir ganz besonnesch begréissen. Ech wëll duerfir deene Responsablen vum Synecosport mat un der Spëtzt dem Här Camille Kohn e grousse Merci soen fir déi gutt, konstruktiv an éierlech Zesummenaarbecht déi lescht dräi Joer.

Eis Zesummenaarbecht mat der Maison relais gëtt dëst Joer duerch eng Konventioun weider gefestegt, de Leit aus der Direktioun vun der Maison relais an och dem Personal e weidere Merci.

E Merci geet och nees un d’Elvere, d’Elterevertrieder an d’Schoulkommissioun, mir hunn an engem richtegen Echange an engem gudden Aarbechtsklima zesummegeschafft an divers Problemer geléist.

Ech wëll des weideren am Numm vum ganze Corps enseignant ganz speziell der Mme Monique Melchers an der ganzer Equipe vum Arrondissement 14 merci soen fir déi vill a gutt Collaboratioun während de leschten 8 Joer. D’Mme Melchers huet sech ganz vill a ganz professionell engagéiert fir d’Doléancen vun eiser Schoul, vun de Kanner, vun den Elteren, vum Léierpersonal a vun de Gemengen. Mir wënschen hir och vun dëser Plaz aus vill Succès a Satisfaktioun an hirer neier Tâche.

Ofschléissend wëll ech nach eng Kéier drop hiweisen, datt dir léif Elteren onbedéngt d’Offer vun der Kommunikatioun mat dem Schoulpersonal sollt unhuelen, den Titulaire de classe ass ëmmer ären éischten Uspriechpartner.

Des weideren bidden ech iech och déi gewinnten Permanence, d’nächst Schouljoer all Donneschdegmoien un, mir hoffen ausserdeem als Schoulkomitee, dass dëse Schoulbuet iech erëm eng ganz Rei wichteg Informatioune bréngt.

An dem Sënn wënschen ech iech all an eis als Léierpersonal vill Freed a Succès fir d’Schouljoer 2017/2018.

Gilles IRTHUM
President vum Schoulkomitee

Léif Elteren, léift Schoulpersonal, léif Kanner,



dëst ass de läschte Schoulbuet fir mech als Äere Schoulinspekter, ab der Rentrée 2017/2018 wäert den Här Joa BAUM d'Schoule vum Synecosport als regionale Direkter vun der Direktioun 10 mam Bureau régional zu Grevemaacher iwwerhuelen.

Dës Ännerung ass op eng Ëmstrukturéirung a Reform vum Inspektorat zréck ze féieren: aus den aktuelle 20 Arrondissementer wäerte 15 directions régionales entstoen, déi jeweils als Equipe geréiert ginn.

Dës Equipe besteet aus engem Direkter an zwee Directeurs adjoints, si assuréiere d'Gestioun vun de Schoulen a coordinéiere d'Prise en charge vu Kanner mat spezifesche Bedürfnisser, déi aktuell Equipe multi-professionnelle (EMP) gët ersat duerch eng „équipe de soutien des élèves à besoins particuliers ou spécifiques" (ESEB), dëst um regionale Plang, um lokale Niveau kréie d'Schoulen eng zousätzlech Ënnerstëtzung duerch en Instituteur spécialisé pour enfants à besoins (I-EBS).

Um nationale Plang gesäit d'Reform d'Créatioun vun 8 Centres des compétences vir, vun deene 5 op bestehende Strukturen baséieren :

1. den aktuelle Centre de logopédie gët erweidert zum « **Centre pour le développement langagier, des compétences auditives et communicatives** »;
2. den aktuellen Institut pour déficients visuels gët erweidert zum « **Centre pour le développement des compétences visuelles** » ;
3. den aktuellen Institut pour infirmes moteurs cérébraux gët erweidert zum « **Centre pour le développement moteur et global** » ;
4. déi aktuell Centres d'éducation différenciée ginn am « **Centre pour le développement intellectuel** » regruppéiert ;
5. den aktuellen Institut pour enfants autistiques et psychotiques gët erweidert zum « **Centre pour le développement des enfants et jeunes présentant un trouble du spectre de l'autisme** ».

Dës Restrukturéierung ass och als Paradigmewiessel mat enger definéierter pädagogescher Approche ze verstoen.

3 Centres de compétences gi nei creéiert:

6. de « **Centre pour le développement des apprentissages** » fir SchülerInnen mat Dyslexie, Dyscalculie, Dyspraxie, ... ;
7. de « **Centre pour le développement socio-émotionnel** » fir SchülerInnen mat Verhaalensproblemer ;
8. de « **Centre du suivi des enfants et jeunes intellectuellement précoces** » fir SchülerInnen mat enger Héichbegabung.

Fir d'Entwécklung vun den Ziler, déi d'Schoul sech fir déi nächst période de référence vun 3 Joer setzt, kënnt och eng zousätzlech Ressource dobäi : hei ënnerstëtzt en Instituteur spécialisé pour le développement scolaire (I-DS) d'Schoul, aus dem ursprüngleche PRS (plan de réussite scolaire) gët de PDS (plan de développement).

Déi läscht Joere konnt ech feststellen, wéi motivéiert an engagéiert d'Schoulpersonal vum Synecosport sech den Ziler an deene verschiddene Beräicher, wéi Differenzéierung, Evaluéieren, Förderpläng fir SchülerInnen erstellen, Kooperatioun mat de Schoulpartner, … duerch Formatiounen a Concertatiounen an den Equipes pédagogiques, ugeholl huet, doduerch huet sech eng flott Dynamik an der Schoul entwéckelt.

Als Ofschloss wollt ech soen, datt ech während 8 Joer vill flott Erfahrungen mam Schoulpersonal, mat de Kanner, den Elteren an de Gemengevertreider vu Bech a Manternach gemaach hunn an ech soen Iech alleguer MERCI fir déi gutt Zesummenarbecht.
Ech wënschen Iech weiderhinn e gutt a konstruktivt Zesummeschaffen an d'Motivatioun fir déi verschidde Défi'en, déi d'Arbecht an a ronderëm d'Schoul mat sech bréngt, zesumme unzegoen.

Monique Melchers
Schoulinspekter - Arrondissement 14

# Eltere-Vertrieder

## Wahlen vun den Elterevertrieder an der Grondschoul.

Géift dir gären aktiv um Schoulliewen vun ärem Kand deelhuelen? Da maacht mat a gitt Elterevertrieder. Déi nächst Wahlen vun den Elterevertrieder sinn am Oktober 2017.

## Wat ass d'Aufgab vun den Elterevertrieder?

D'Elterevertrieder stinn allen Elteren déi eng Ufro maachen mat Rot an Ënnerstëtzung zur Säit.

D'Elterevertrieder schaffe mam Schoulcomité zesummen a ginn hier Meenung zum Schoulentwécklungsplang an der Schoulorganisatioun of.

2 Memberen vun den Elterevertrieder sinn och an der Schoulkommissioun vum Synecosport vertrueden.

## Wien kann Elterevertrieder ginn?

All Elteren déi Kanner an der Grondschoul (Cycle 1 – Cycle 4) hunn, kënnen sech als Kandidat mellen.

## Wéi gëtt een Elterevertrieder?

De President vum Schoulcomité schreift 3 Wochen virun de Wahlen d'Elteren un a lued si an, sech als Kandidat ze mellen.

All Elteren vun der Schoul ginn invitéiert hier Elterevertrieder op enger Generalversammlung vun den Elteren ze wielen.

Folgend Persounen sinn am Oktober 2015 als Elterevertrieder gewielt ginn:

Eric Buttini

Patrick Dahm

Sandra Schu

Isabelle Steinmetz

Dir kënnt eis um Internetsite vun den 2 Gemengen ënnert folgender Rubrique fannen:
Ecole fondamentale: Elterevertrieder

# Représentants des parents d'élèves

## Élections des représentants des parents à l'école fondamentale.

Vous aimeriez participer activement à la scolarité de votre enfant ?
Engagez-vous et devenez représentant des parents d'élèves.

Les prochaines élections des représentants des parents d'élèves auront lieu en octobre 2017.

## Quelle est la mission des représentants des parents ?

Les représentants des parents d'élèves écoutent et renseignent tous les parents qui en font la demande.

Les représentants des parents s'échangent avec le comité d'école et donnent leur avis sur le plan de réussite scolaire (PRS), l'organisation scolaire et la vie à l'école.

2 représentants des parents d'élèves sont également représentés dans la commission scolaire du Synecosport.

## Qui peut devenir représentant des parents d'élèves ?

Tous les parents des élèves scolarisés dans l'enseignement fondamental (cycle 1 – cycle 4) peuvent être candidats.

## Comment devenir représentant des parents d'élèves ?

Le Président du comité d'école écrit à tous les parents pour leur proposer d'être candidats.
Cette lettre vous est envoyée 3 semaines avant les élections qui se déroulent tous les 2 ans en octobre.

Tous les parents de votre école seront invités à élire leurs représentants lors d'une assemblée générale des parents.

Les personnes suivantes ont été élues comme représentants des parents d'élèves en octobre 2015 :

Eric Buttini

Patrick Dahm

Sandra Schu

Isabelle Steinmetz

Veuillez trouver nos contacts sur le site internet des deux communes sous la rubrique :
Ecole fondamentale : Représentants des parents d'élèves

De Comité 2016/2017 besteet aus :

*Le comité 2016/2017 se compose de :*

Dan Conrardy (President, *président*)
Marc Crelo (Vize-President, *vice-président*)
Eric Buttini (Sekrétär, *secrétaire*)
Isabelle Schönbeck-Wirtz (Tresorier, *trésorier*)
Fanny Chevremont
Carine Conté
Patrick Dahm
Nicole Goetz (net op der Foto, *pas sur la photo*)
Sandra Schu



Och an dësem Schouljoer hu mir eng Partie Aktivitéiten organiséiert:

*Au fil de cette année, nous avons organisé diverses activités :*

103 Kanner hunn iwwert d'ganz Joer un de Schwammcoursen deelgeholl, déi mir all Trimester an der Schwämm zu Biwer proposéieren.

*103 enfants ont participéaux cours de natation que nous organisons chaque trimestre à la piscine de Biwer.*



Op dem éischte Schouldag, dem 15. September, hu mir all d'Kanner aus dem Cycle 2 mat Mëtschen an engem Chocky empfaangen. Als Kaddo, hunn d'Kanner vum Cycle 2.1 eng Schmierekëscht vun der ELVERE kritt.

*Au premier jour de classe, le 15 septembre, nous avons accueilli les enfants du cycle 2 avec un chocolat chaud et des viennoiseries. Les enfants du cycle 2.1 ont reçu comme cadeau une boîte à sandwich de l'ELVERE.*

Am Hierscht hu mir bei der Formatioun vun de Kanner am Kader vun der Initiativ „Schoulbusbegleeder" gehollef.

*En automne, nous avons participé à la journée de formation des enfants, dans le cadre de l'initiative « accompagnateur de bus »*

Ob eiser Generalversammlung, de 24. Oktober, huet den Dr Sonja Schmitt (Psychologin) de Virtrag gehalen : „Schoulbaséierend psychologesch Berodung an der Grondschoul Rénert : Dat emotionaalt Wuelbefanne vun eise Kanner zielt".

*Lors de notre assemblée générale le 24 octobre, le Dr Sonja Schmit (psychologue) a présenté une conférence sur le support psychologique destiné aux élèves de l'école Rénert.*

## ELVERE - Association des Parents d'Elèves „Rénert" Bech-Manternach

## ELVERE - Association des Parents d'Elèves



Um Second-Hand-Maart de 4. Februar, waren 42 Dëscher fir de Verkaf reservéiert ginn. Vill zefridde Gesiichter hate mir souwuel bei Verkeefer wéi och bei de ville Keefer.

*Pour notre marché „second hand" le 4 février, 42 tables avaient été réservées pour la vente. Les vendeurs et nombreux clients avaient le sourire aux lèvres.*



Den 22. Mäerz, op der Konferenz vum Frédéric Meyer (éducateur de Santé et expert en nutrition humaine): « Bien manger pour bien apprendre », si mir vill iwwert gesond Ernierung gewuer ginn.

*Lors de la conférence de Frédéric Meyer (éducateur de Santé et expert en nutrition humaine) : « Bien manger pour bien apprendre », nous avons appris beaucoup sur une nutrition saine.*



Wéi üblech ass d'Schouljoer ofgeschloss gi mat eisem traditionelle Schoul- a Grillfest de 14. Juli.

*Comme d'habitude, nous avons clôturé l'année scolaire par la fête scolaire avec barbecue le 14 juillet.*

D'Stäre- a Planéitebeobachtung an Zesummenaarbecht mat dem „natur musée" hu mir wéinst dem schlechte Wieder leider mussen ofsoen.

*L'observation des planètes et étoiles en collaboration avec le « natur musée » a malheureusement dû être annulée en raison des mauvaises conditions météorologiques.*

Iwwert d'ganz Joer hu mir stänneg eisen Internet Site www.elvere.lu à jour gesat. Iwwert dësem Site konnten d' Kanner fir d'Schwammcoursen ugemellt ginn oder och eis Petitioun „Fir e séchere Parking" ënnerschriwwe ginn, fir déi mir iwwert 140 Ënnerschrëffte konnte sammelen.

*Tout au long de l'année, nous avons mis à jour notre site internet www.elvere.lu. Sur ce site ont pu se faire les inscriptions aux cours de natation ou encore la signature de notre pétition « Pour un parking plus sûr près de l'école ». Cette pétition a recueilli plus de 140 soutiens.*

## Kennzeechnen vum Schoultransport

## Identification pour le transport scolaire

*D'Schouljoer 2017/2018 gëtt dat drëtt Joer wou, op Initiativ vun der ELVERE, d'Schoulbussen extra mat Biller gekennzeechent ginn.*

*Dëst Kennzeechne soll de Kanner vum Cycle 2.1, déi nach net liese kennen, hëllefen de richtege Bus fir heem séier e besser erëm ze fannen.*

*L'année scolaire 2017/2018, sera la troisième année pendant laquelle, à l'initiative de l'ELVERE, les bus du transport scolaire seront identifiés grâce à des illustrations spéciales.*

*Cette identification permet aux élèves du cycle 2.1 qui ne savent pas encore lire de trouver rapidement et facilement le bus qui les conduit à leur domicile.*

**Biller fir de Schoultransport /** *Illustrations pour le transport scolaire*



Transport „Ecole fondamentale Rénert" en direction

Geyershaff – Bech - Zettig



Transport „Ecole fondamentale Rénert" en direction

Hemstel – Rippeg – Kobenbour – Kreizenheicht – Altrier - Hersberg



Transport „Ecole fondamentale Rénert" en direction

Manternach



Transport „Ecole fondamentale Rénert" en direction

Lellig - Münschecker

# MAISON RELAIS RENERT

Agrément N°MR 362/7

Gestionnaire: Caritas Jeunes et Familles asbl

## Appell un d'Hëllefsbereetschaft an d'Solidaritéit vun den Elteren:

**Mellt Är Kanner w.e.g. nëmmen méindes, mëttwochs an freides tëschent 12-14 Auer bei eis am Schoulgrupp un wann dat duerch Äre Schaffplang onbedéngt néideg ass!**

**Nach ëmmer hunn mir Kanner vun Elteren op eiser Waardelëscht déi dréngend eng Plaz brauchen an déi mir net unhuelen konnten.**

**Am Numm vun dësen Elteren soen mir Iech elo schonn häerzlech Merci!**

## *Appel à la solidarité des parents:*

***S.v.p. inscrivez uniquement vos enfants les lundis, mercredis et vendredis entre midi et 14 heures s'il est réellement nécessaire selon vos plans de travail !***

***Nous avons toujours des enfants sur notre liste d'attente qui ont urgemment besoin d'une place.***

***Au nom des parents concernés nous vous remercions d'avance pour votre solidarité !***

### Betreiungsstruktur fir Kanner aus der Becher an der Manternacher Gemeng.

**Ëffnungszäiten :**

D'Maison Relais ass op vu méindes bis freides vun 7.00 bis 19.00 Auer.

D'Maison Relais ass zou während den offiziellen Feierdeeg an vum 24. bis den 31.Dezember.

**Eis Offer:**

- Betreiung vu Kanner am Alter vun 3 Méint bis 12 Joër
- Buffet an der Mëttesstonn
- Fräizäitaktivitéiten
- Surveillance vun den Hausaufgaben
- Zesummenaarbecht mat den Elteren an der Schoul

**D'Erzéierequipe :**

D'Kanner gin encadréiert vun:

- éducateurs/trices gradués/ées
- éducateurs/trices
- infirmiers/ières puéricultrice
- aides socio-éducatives

**Eis Gruppen:**

**Crèche:**

| | | |
|---|---|---|
| **3-18 Méint** | Raupen | 71 93 63-53 |
| **18 Méint-3 Joer** | Pimpampel | 71 93 63-55 |

**Schoulgruppen:**

| | | |
|---|---|---|
| **C1-C4** | | 71 93 63-57 |
| **Précoce** | | 71 93 63-71 |

### *Structure d'accueil pour les enfants résidants à la commune de Bech et de Manternach.*

***Heures d'ouverture:***

*Du lundi au vendredi de 7.00 à 19.00 heures.*
*Aussi pendant les vacances scolaires.*

*La Maison Relais reste fermée les jours fériés légaux et du 24 décembre au 31 décembre.*

***Notre offre:***

- *Encadrement des enfants âgés de 3 mois à 12 ans*
- *Buffet pendant l'heure de midi*
- *Activités de loisirs*
- *Surveillance des devoirs*
- *Collaboration entre parents et l'école*

***L'Équipe éducative :***

*L'encadrement des enfants est assuré par des :*

- *éducateurs/trices gradués/ées*
- *éducateurs/trices*
- *infirmiers/ières puéricultrice*
- *aides socio-éducatives*

**Nos groupes:**

**Crèche:**

| | | |
|---|---|---|
| **3-18 mois** | Raupen | 71 93 63-53 |
| **18 mois-3 ans** | Pimpampel | 71 93 63-55 |

**Groupes scolaires:**

| | | |
|---|---|---|
| **C1-C4** | | 71 93 63-57 |
| **Précoce** | | 71 93 63-71 |

# MAISON RELAIS RENERT

**Agrément N°MR 362/7**

**Gestionnaire: Caritas Jeunes et Familles asbl**

**Tarif :**
D'Verrechnung gëtt op Grond vum Tarif Chèque-Service gemaach.
www.chequeservice.lu

**Inscriptioun :**
Wëllt dir äert Kand an der Maison Relais umellen, dann kontaktéiert eis um 71 93 63 51.

**Kontakt :**
Maison Relais Renert
Schoulstrooss
L-6831 Berbourg
Tél. : 71 93 63 51
Fax : 71 93 63 52
E-Mail : mr.renert@pt.lu

| | |
|---|---|
| Chargée de direction : | Diana Gliebe |
| Chargée de direction adjointe: | Annick Stammet |
| Agent administratif: | Arthur Naujokat |

**Attention :** Fir d'Elteren vun Kanner tëschent 0 an 3 Joer hunn mir 8 gekennzeechent Parkplazen – d'Elteren an mir wieren frou, wann des an der Zäit tëschent 7 an 19 Auer respektéiert gëtt!

***Tarif :***
*Le tarif appliqué est celui des chèque-services.*
www.chequeservice.lu

***Inscription:***
*Si vous désirez inscrire votre enfant à la Maison Relais, veuillez nous contacter au 71 93 63 51.*

***Contact:***
*Maison Relais Renert*
*Schoulstrooss*
*L-6831 Berbourg*
*Tél. : 71 93 63 51*
*Fax : 71 93 63 52*
*E-mail :* mr.renert@pt.lu

| | |
|---|---|
| *Chargée de direction :* | *Diana Gliebe* |
| *Chargée de direction adjointe:* | *Annick Stammet* |
| *Agent administratif:* | *Arthur Naujokat* |

***Attention:*** *pour les parents des enfants âgées de 0 à 3 ans, nous avons 8 places à garer réservées- les parents et nous vous serions reconnaissant de laisser ces places aux familles concernées entre 7 et 19 heures !*



# ECOLE FONDAMENTALE Rénert
## Calendrier des vacances et congés scolaires pour l'année scolaire 2017/2018

Le règlement grand-ducal du 18 novembre 2015 a modifié l'article 4 du règlement grand-ducal du 31 juillet 1980 fixant le régime des vacances et congés scolaires en supprimant la journée du pèlerinage à Notre-Dame de Luxembourg comme étant un jour de congé collectif pour les enfants d'une commune. Désormais ce jour est un jour de classe normal ; néanmoins les titulaires de classe sont tenus d'accepter les excuses individuelles présentées par les représentants légaux des enfants qui désirent prendre part à cette manifestation.

L'année scolaire 2017/2018 commence le vendredi 15 septembre 2017 et finit le vendredi 13 juillet 2018.

Le calendrier des vacances et congés scolaires pour l'année scolaire 2017/2018 est fixé comme suit:

1. Le congé de la Toussaint commence le samedi 28 octobre 2017 et finit le dimanche 5 novembre 2017.
2. Les vacances de Noël commencent le samedi 16 décembre 2017 et finissent le lundi 1er janvier 2018.
3. Le congé de Carnaval commence le samedi 10 février 2018 et finit le dimanche 18 février 2018.
4. Les vacances de Pâques commencent le samedi 31 mars 2018 et finissent le dimanche 15 avril 2018.
5. Jour férié légal: le mardi 1er mai 2018.
6. Jour de congé pour l'Ascension: le jeudi 10 mai 2018.
7. Le congé de la Pentecôte commence le samedi 19 mai 2018 et finit le dimanche 27 mai 2018.
8. Jour de congé pour la célébration publique de l'anniversaire de S.A.R. le Grand-Duc: le samedi 23 juin 2018.
9. Les vacances d'été commencent le samedi 14 juillet 2018 et finissent le dimanche 16 septembre 2018.

**Remarques:**

Le vendredi 15 septembre 2017, jour de la reprise des classes, est une journée entière de classe; les enfants de tous les cycles sont à congédier à la fin des cours de l'après-midi.

Les classes chôment le jour de la St. Nicolas.

La veille des vacances de Toussaint, de Noël, de Carnaval, de Pâques et de la Pentecôte, les élèves sont congédiés à la fin des cours du vendredi après-midi.

Le lendemain de la 1ère communion, les classes du 3e cycle de l'enseignement fondamental fonctionnent normalement. Toutefois, les enseignants de ces classes voudront bien accepter d'éventuelles excuses écrites individuelles concernant les absences d'élèves au cours de la matinée.

La décision concernant la fréquentation scolaire par les enfants en cas de force majeure ou en cas d'impéries sera communiquée aux parents par voie radiophonique.

**De toute façon notre école organisera un service d'accueil pour tous les enfants du cycle 1 à l'école préscolaire de Berbourg et pour les enfants des cycles 2 à 4 à l'école fondamentale de Berbourg.**

# Loi du 6 février 2009 relative à l'obligation scolaire.

**Absences et dispenses**

**Art. 16.** Lorsqu'un élève manque momentanément les cours, les parents doivent sans délai informer le titulaire ou le régent de la classe et lui faire connaître les motifs de cette absence.

Les modalités d'information en cas d'absence sont déterminées par les lois régissant les différents ordres d'enseignement.
Les seuls motifs légitimes sont la maladie de l'enfant, le décès d'un proche et le cas de force majeure.

**Art. 17.** Des dispenses de fréquentation peuvent être accordées sur demande motivée des parents.

Les dispenses sont accordées:
1) par le titulaire ou le régent de classe, pour une durée ne dépassant pas une journée;
2) par le président du comité d'école ou le directeur du lycée, pour une durée dépassant une journée.

Sauf autorisation du ministre, l'ensemble des dispenses accordées ne peut dépasser quinze jours dont cinq jours consécutifs par année scolaire.

# TRANSPORT SCOLAIRE 2017 / 2018

## Préscolaire Bech et Précoce Hemstal

| **Matin : aller Mini Bus** | **Horaire** | **Après-midi: aller** | **Horaire** |
|---|---|---|---|
| Zittig | 7:30 | Zittig | 13:30 |
| Hemstal | 7:35 | Hemstal | 13:35 |
| Rippig | 7:40 | Rippig | 13:40 |
| Kobenbour | 7:45 | Kobenbour | 13:45 |
| Kreizenheicht | 7:50 | Kreizenheicht | 13:50 |
| Bech (Préscolaire) | 8:00 | Bech (Préscolaire) | 14:00 |
| **Matin : aller Bus 2** | **Horaire** | **Après-midi: aller Bus 2** | **Horaire** |
| Maison Relais Berbourg | 7:35 | Maison Relais Berbourg | 13:35 |
| Hemstal (Précoce) | 7:45 | Hemstal (Précoce) | 13:45 |
| Altrier | 7:50 | Altrier | 13:50 |
| Bech (Préscolaire) | 8:00 | Bech (Préscolaire) | 14:00 |
| **Matin : retour Mini Bus** | | **Après-midi: retour Mini Bus** | |
| Bech (Préscolaire) | 11:45 | Bech (Préscolaire) | 16:00 |
| Altrier | 11:50 | Altrier | 16:05 |
| Kreizenheicht | 11:54 | Kreizenheicht | 16:09 |
| Kobenbour | 11:58 | Kobenbour | 16:13 |
| Rippig | 12:05 | Rippig | 16:20 |
| Hemstal | 12:10 | Hemstal | 16:25 |
| Zittig | 12:15 | Zittig | 16:30 |
| **Matin : retour Bus 2** | | **Après-midi: retour Bus 2** | |
| Hemstal Précoce | 11:30 | Hemstal (Précoce) | 15:45 |
| Bech (Préscolaire) | 11:45 | Bech (Préscolaire) | 16:00 |
| Maison Relais Berbourg | 11:55 | Maison Relais Berbourg | 16:10 |
| Geyershof | 12:05 | Geyershof | 16:20 |

**En raison, des places limitées dans le mini-bus,
un changement de l'horaire est possible au début de l'année scolaire.**



# Horaire pour le Transport Scolaire 2017-2018
# de l'école primaire à Berbourg

| Course 1ier bus | | | |
|---|---|---|---|
| **Matin : aller** | **Horaire** | **Matin: retour** | **Horaire** |
| Zittig | 7:35 | Berbourg | 12:10 |
| Geyershof | 7:45 | Geyershof | 12:17 |
| Bech/Commune | 7:50 | Bech/Commune | 12:22 |
| Berbourg | 7:57 | Zittig | 12:27 |

| Course 2ième bus | | | |
|---|---|---|---|
| **Matin: aller** | **Horaire** | **Matin retour** | **Horaire** |
| Hemstal | 7:30 | Berbourg | 12:10 |
| Rippig (Village) | 7:34 | Hemstal | 12:19 |
| Rippig (Grëntebierg) | 7:37 | Rippig (Village) | 12:23 |
| Kobenbour | 7:42 | Rippig (Grëntebierg) | 12:26 |
| Kreizenheicht | 7:45 | Kobenbourg | 12:31 |
| Altrier | 7:48 | Kreizenheicht | 12:34 |
| Hersberg (bretelle) | 7:51 | Altrier | 12:37 |
| Hersberg (village) | 7:54 | Hersberg (bretelle) | 12:40 |
| Berbourg | 8:00 | Hersberg (Village | 12:43 |

| Course 1ier bus | | | |
|---|---|---|---|
| **Après-midi : aller** | **Horaire** | **Après-midi: retour** | **Horaire** |
| Zittig | 13:35 | Berbourg | 16:05 |
| Geyershof | 13:45 | Geyershof | 16:17 |
| Bech/Commune | 13:50 | Bech/Commune | 16:22 |
| Berbourg | 13:57 | Zittig | 16:27 |

| Course 2ième bus | | | |
|---|---|---|---|
| **Après-midi : aller** | **Horaire** | **Après-midi: retour** | **Horaire** |
| Hemstal | 13:30 | Berbourg | 16:05 |
| Rippig (Village) | 13:34 | Hemstal | 16:14 |
| Rippig (Grëntebierg) | 13:37 | Rippig (Village) | 16:18 |
| Kobenbour | 13:42 | Rippig (Grëntebierg) | 16:21 |
| Kreizenheicht | 13:45 | Kobenbour | 16:26 |
| Altrier | 13:48 | Kreizenheicht | 16:29 |
| Hersberg (bretelle) | 13:51 | Altrier | 16:32 |
| Hersberg (village) | 13:54 | Hersberg (bretelle) | 16:35 |
| Berbourg | 14:00 | Hersberg (village) | 16:38 |

Administration Communale
1, Enneschtgaass
L–6230 BECH
Grand-Duché de Luxembourg
Tél. 79 01 68 - 1
bech@pt.lu
www.bech.lu

**Registre aux délibérations du conseil communal de Bech**

**Séance publique du 20 mai 2015**

**Date de l'annonce publique de la séance: 12.05.2015**
**Date de la convocation des conseillers: 12.05.2015**

Présents: KOHN Camille, bourgmestre ; BECKER Tom et BOHNENBERGER Emile, échevins; M.M. BIEWER Gaby, CLASSEN Norbert, FRIDEN Christian, PITZEN Marc, SCHINTGEN Edmond et SCHMIT Nico, conseillers; KRING Alain, secrétaire.

Absent excusé: //

**Point de l'ordre du jour numéro: 5**

***Objet: Règlement interne pour le transport scolaire de la commune de Bech***

Le conseil communal,

Vu la loi communale modifiée du 13 décembre 1988;

Vu la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental ;

Considérant que pendant chaque année scolaire, des manquements de discipline sont constatés lors du transport scolaire ;

Attendu que le collège des bourgmestre et échevins est responsable de la sécurité dans les bus scolaires ;

Attendu que pour cette raison les responsables souhaitent se donner par le biais d'un règlement la légitimation pour agir à l'encontre de ces agissements pendant le trajet scolaire ;

Vu le projet de règlement élaboré à cette fin ;

Attendu que tous les conseillers soutiennent cette initiative et espèrent que la publication de ce règlement permettra éventuellement de discipliner les élèves dès le début de l'année scolaire à venir ;

Attendu que le conseil communal est dès lors appelé à se prononcer à ce sujet ;

Après avoir délibéré conformément à la loi.

**Décide avec toutes les voix:**

**-D'adopter le suivant règlement interne pour le transport scolaire :**

## Règlement interne pour le transport scolaire

**Règles de comportement:**

Seuls les élèves inscrits à l'Ecole fondamentale Rénert ou dans une école préscolaire ou précoce de la commune de Bech sont autorisés à emprunter le bus scolaire.
Les élèves sont tenus de respecter les consignes du chauffeur d'autobus et d'obéir à ses ordres immédiatement.
Pendant le trajet scolaire, chaque élève doit mettre sa ceinture de sécurité et rester assis sur sa place lui attribué par le personnel enseignant ou par le conducteur jusqu'à l'arrivée à sa destination.
Il est défendu de déranger ou d'importuner les autres élèves pendant le trajet scolaire. Des cris et des interpellations bruyantes sont également interdits.
L'élève responsable d'un dommage causé à un autobus devra en assumer le coût. Cette obligation incombe au titulaire de l'autorité parentale.

**Sanctions:**

Le collège des bourgmestre et échevins est responsable de la sécurité dans le bus scolaire. Pour cette raison, le chauffeur est avisé de signaler le non-respect des règles au collège échevinal.
Si un élève ne respecte pas une des règles mentionnées ci-dessus, le chauffeur le rappelle à l'élève concerné en précisant qu'au prochain manquement, il se verra dans l'obligation de le signaler soit à un membre du personnel enseignant qui en informera la commune, soit directement à un responsable de la commune de Bech.
S'il s'agit d'un manquement grave, le conducteur en avise directement le personnel enseignant ou la commune.
A la première infraction signalée à la commune, un avertissement écrit sera adressé aux parents de l'élève.
A chaque récidive, l'élève concerné sera par la suite exclu pendant une semaine du transport scolaire. Les parents en seront informés par écrit, par lettre recommandée avec accusé de réception, par la commune.
Après 3 infractions graves, l'élève sera suspendu du transport scolaire pendant le reste du trimestre.

Les présentes règles de conduites relatives au transport scolaire entrent en vigueur à la rentreé scolaire 2015/2016.

Ainsi délibéré à Bech; date qu'en tête.

Suivent les signatures:

Pour expédition conforme :

Bech, le 03.06.2015

Le bourgmestre
(Camille Kohn)

le secrétaire
(Alain Kring)

# Bus 1 avec ceintures 2 points

**Enfants de Münschecker et Lellig allant à l'école fondamentale/au préscolaire à Berbourg**

| **Matin aller** | | **Matin retour** | |
|---|---|---|---|
| Münschecker | 7:35 | Berbourg préscolaire | 11:45 |
| Lellig arrêt | 7:45 | Berbourg Maison relais | 11:48 |
| Berbourg Rénert/Maison relais | 7:55 | Münschecker | 12:00 |
| Berbourg préscolaire | 8:00 | Berbourg Rénert | 12:12 |
| | | Lellig arrêt | 12:25 |
| | | Münschecker | 12:35 |
| **Après-midi aller** | | **Après-midi retour** | |
| Münschecker | 13:35 | Berbourg préscolaire | 16:00 |
| Lellig arrêt | 13:45 | Berbourg Rénert/Maison relais | 16:05 |
| Berbourg Rénert/Maison relais | 13:55 | Lellig arrêt | 16:17 |
| Berbourg préscolaire | 14:00 | Münschecker | 16:27 |

# Bus 2 avec ceintures 3 points

**Enfants de Manternach allant à l'école fondamentale à Berbourg**
**Enfants de la Maison relais et de Lellig allant dans le préscolaire à Manternach et le précoce à Lellig**

| **Matin aller** | | **Matin retour** | |
|---|---|---|---|
| Manternach Gare | 7:40 | Manternach préscolaire | 11:30 |
| Manternach St. Désert | 7:45 | Lellig arrêt | 11:35 |
| Berbourg Rénert/Maison relais | 7:55 | Lellig précoce | 11:37 |
| Lellig précoce | 8:05 | Berbourg Rénert/Maison relais | 11:48 |
| Lellig arrêt | 8:07 | Lellig arrêt | 12:00 |
| Manternach Préscolaire | 8:12 | Berbourg Renért | 12:12 |
| | | Manternach St. Désert | 12:22 |
| | | Manternach Gare | 12:27 |
| **Après-midi aller** | | **Après-midi retour** | |
| Berbourg Maison Relais | 13:25 | Manternach préscolaire | 15:45 |
| Lellig arrêt | 13:30 | Lellig arrêt | 15:50 |
| Manternach St. Désert | 13:40 | Lellig Précoce | 15:52 |
| Manternach Gare | 13:45 | Berbourg Rénert/Maison relais | 16:02 |
| Manternach préscolaire | 13:48 | Manternach St. Désert | 16:20 |
| Berbourg Rénert/Maison relais | 13:58 | Manternach Gare | 16:25 |
| Lellig précoce | 14:10 | | |

# Structure de l'Ecole Fondamentale Berbourg

## 1. Comité d'école

Laschet Danielle, Meyers Carine, Meyers Cathy, Schoellen Nathalie
Schoellen Sandy, Irthum Gilles (président)

**Permanence du président du comité d'école, chaque jeudi de 09.00 – 09.45**
**Tél.: 719363-28**
**e-mail : gilles.irthum@education.lu**

## 2. Equipes pédagogiques

**Cycle 1 (Bech)**
Arend Suzanne, Bausch Claire, Damiani Kirby, Neve Danielle (coordinatrice de cycle), Piron Nadine.

**Cycle 1 (Manternach)**
Bausch Claire, Fohl Natascha (coordinatrice de cycle), May Nathalie, Meyers Cathy, Meyers Marion, Olivi Marcella, Piron Nadine, Schoellen Nathalie, Scholtes Tally.

**Cycle 2**
Albert Josée, Boever Josiane, Fattebene Laurence, Lettal Françoise, Schoellen Sandy, Schmitz Jean, Stein Michelle, Thinnes Chantal (coordinatrice de cycle).

**Cycle 3**
Grunow Elena*, Guirlinger Cathy (coordinatrice de cycle), Haas Anne, Heymanns Alexandra, Jost Sandra, Laschet Danielle, Schmitz Jean, Stein Michelle, Thesen Kim.

**Cycle 4**
Dupont Ralph (coordinateur de cycle), Grunow Elena*, Heymanns Alexandra, Irthum Gilles, Meyers Carine, Schintgen Sandrine, Schmit Nina, Schmitz Jean, Thesen Kim, Weis Christian.

**Bibliothèque**
Irthum Gilles, Olivi Marcella, Schintgen Sandrine

**I-EBS**
Schlechter Steffi
**Tel. : 719363-35**

**Informatique**
Weis Christian

**Délégué à la sécurité**
Weis Christian

* Mme Elena Grunow sera remplacée du 15 septembre 2017 au 25 juin 2018 par Mme Estelle Schroeder.

## 3. Représentants des parents

